Latilly am Mée

Och dëst Joër woren mir op Latilly op den Domaine de la Salamandre gefour fir ee puer schéiner Deg ënner Fëscherkollegen ze verbréngen. Fofzéng Memberen vum Fly Fishing Club aus Lëtzebuerg woren matgefour an sollten dräi wonnerschéin an erliewnessräich Deg op dësem schéinen Site erliewen. Latilly ass fir eis ëmmer ee bëssen Vakanzenfeeling ewell teschent den Sanddünen kënnt ëmmer d´Gefill op ewei wann een géif op der Plage fëschen. Nodeems mir unkomm woren an eis an Schuel gehäit haten, hun mir direckt ee bëssen bei den Booter gefëscht fir een gudden Unfank ze kréien an hei huet et och direckt gerabbelt.

Den Jeek an den Luss haten allen Béid een schéinen Black Bass gefaangen an den Robert wor dun natirlech virwerzég gin an ass sech dat unkucken komm, natirlech hat Hien séng Staang einfach niddergeluecht an esou koum et dass a bee mol an der Mëtt vum Séi éng Forell mam Robert sénger Staang spazéieren geschwommen ass, mée glécklecher Weis stung just géigeniwwer vun eis den Jemp an Hien huet mat sénger Schnouër konnten dem Robert séng Staang iwwerwerfen an

esou erausfëschen. Dem Jemp wor et hei net drems gaangen fir d´Staang ze retten, villméi wollt Hien den Fësch fänken.... natiirlech hat den Luss och direckt séng Kamera parat fir dat Ganzt fest ze halen an esou kënnen mir ënnert der Rubrik "Pleiten, Pesch und Pannen" eis nach éng Kéier um Robert séngem Mëssgescheck erfreën wann mir eis am Kader vun eiser Generalversammlung den Film mam Rëckbléck vum Joër unkucken. Mir woren eis unschléissend dann och eens dass mir an der éischter véirel Stonn schon méi erliewt haten ewei munch mol während énger ganzer Sortie.

Mir woren Moies géint eelef Auer zu Latilly unkomm nodeems mir ongeféier dräi Stonnen mam Auto gefour woren. Latilly läit teschent Reims an Paréis an énger wonnerbarer ländlescher Géigend ewou een wirklech nach kann och an der häiteger Zäit Rouh fannen an domader der Hektik vum Alldag entkommen. Déi wonnerbar an geloosen Stëmmung ënnert den Fëscher sollt eis dann och iwwert déi dräi Deg begleeden, et ass vill gelaacht gin an och wann ee mol éng kléng Schauer eis naass gemeet huet konnt dat eiser gudder Laun näischt undoën villméi hun mir och dat als wëllkommen Ofkillung an kaaf gehol an hun no der Erfrëschung weidergemeet ewei wann näischt gewiescht wär. d´Wieder wor dann och allgeméng wiesselhaft, mir haten vill Wollécken, ee bëssen Reen an och ganz schéin sonnég Momenter. Genee ewei beim Wieder sollt et sech dann och mat den Fësch verhalen, et woren net esouvill Fësch besat ewei sos mée et woren awer nëmmen ganz schéin an virun allem staark Fësch gefaangen gin. Erfreelecher Weis ass den Bestand un Black Bass´en enorm an d´Luucht gaangen, wor et bei eisen Sortiën an der Vergaangenheet nach éischter seelen dass een konnt dës Zort vun Fësch gesin esou woren se dës Kéier an allen Gréissten unzetreffen, ewoubäi Latilly iwwerhaapt deen eenzegen Séi an

eiser Géigend ass ewou een dës Zort Fësch fänken kann, wat awer net heeschen soll dass se einfach ze iwwerlëschten wären an et ass nach ëmmer een Héichpunkt bei all Sortie wann een d´Gléck hat een schéinen Black Bass ze fänken. Mir hun awer Alleguer eis Fësch gefaangen an wann d´Qualitéit vun den Fësch esou grouss ass dann mécht et och näischt aus wann een net all zwou Minutten een Fësch fänkt, och dësen Phänomeen begleed eis schon déi ganz Saison.

Ënnerbruecht woren mir ewei ëmmer an Chaletsën déi op éngem Hiwwel uewerhalb vum Séi geleën sin. Dës sin zwar relativ einfach équipéiert mée fir esou een kuurzen Trip vun dräi Deg awer beschtens geegnet. Jessen an drenken fënd am Lagon bleu, dem Restaurant direckt un den Unwänner vum Séi geleën statt, hei hun mir och Moies Kaffi gedronk an d´Jessen op der Terasse direckt mat Bléck op den Séi ass schon een Erliewness fir sech, zeemols ewou d´Stëmmung net hät kéinten besser sin.



Mir haten éng wonnerschéin Zäit, eisen Repertoire un Witzer ass erëm bis uewen hin gefëllt, Speck hun mir och ungesat ass virun allem frësch Energie getankt fir dem Alldag ze trotzen. Ee puer Nidderträchtegkeeten woren natirlech och dobäi esou ewei mir Moies Kaffi gedronk haten an eisen Sekretäir den Erny sech ee bëssen verspéid hat, ewei Hien dun Plaz gehol hat fir Kaffi ze drenken sin mir Alleguer mateneen opgestaanen an hun Hien erléng sëtzen geloos, dat haten mir natirlech am Virfeld ofgesprach an hun eis ewei kléng Kanner gefreet ewei mir dem Erny säin verdutzten Gesiicht gesin hun, natirlech hun mir Hien net erléng sëtzen geloos an hun eis nach éng zweet Kéier geopfert fir och nach éng Kéier mat Him zesummen Kaffi ze drenken. Jee déi dräi Deg woren erëm vill ze kuurz an dobäi och nach vill ze schnell eriwwer, mir hun esouvill schéin Fotoën gemeet dass een nach ee puer Säiten hät kënnen un den Bericht drunhänken, och eisen Film gët gewëss ereegnesräich an voll gepaackt mat schéinen Erënnerungen, hoffentlech geet et och den Rescht vun eiser Saison an dësem Rhythmus weider, dann stin eis nach vill schéin Sortiën bevir.